N°783
Entrée le 23.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.05.2024
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 23. Mai 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Aus Sourcen, déi der Direktioun vum Lycée Josy Barthel zu Mamer nostinn, geet ervir, datt ab dem Schouljoer 2024/2025 keng 4e am Génie civil an der Formation professionnelle ugebuede soll ginn. An dem Kader soll virgesi sinn, datt réischt am Schouljoer am 2027/2028 eng nei Bautechnikerklass fir d'Schüler soll ugebuede soll ginn.

Des Weideren geet aus enger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr.5534 aus dem Joer 2022 ervir, datt :

- D'Attraktivitéit vun den technesche Beruffer am Allgemengen zeréckgaang ass.
- Datt de Service de la Formation professionnelle (SFP) an Zesummenaarbecht mam Héichschoulministère an dem Aarbechtsministère am Kader vum sougenannte Skillsdësch eng grouss Etude iwwert eng National Skills Strategy lancéiert huet.
- Datt eng weider Etude, déi vun der Europäescher Kommissioun finanzéiert gëtt, deemnächst hir Recommandatiounen erausgëtt, wéi déi initial Beruffsausbildung ka méi attraktiv gemaach ginn.
- Datt et am Lycée Josy Barthel zu Mamer am Beräich vun der Formation professionnelle kee Plazmangel gëtt.
- Datt de Service vun de schouleschen Infrastrukturen an d'Ëffentlech Bauverwaltung mat der Direktioun vum Lycée Josy Barthel zesummeschaffe fir no Méiglechkeeten ze sichen, de besteeënde Schoulraum auszebauen.
- Datt ab 2028 am Lycée Edward Steichen zu Clierf (LESC) souwuel Héichbau wéi och Déifbau ënnerriicht ginn.
- Datt ab 2028 am Lycée Edward Steichen zu Clierf solle folgend Ausbildungen ugebuede ginn:
  - DT: génie civil
  - DAP: dessinateur en bâtiment
  - DAP: maçonnerie
  - CCP: maçonnerie

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Kann den Educatiounsminister confirméieren dass d'Formatioun DT Génie Civil am September 2024 net méi am LJBM ugebuede gëtt ? Wann dës Ausso zoutrefftt, wisou huet den Educatiounsminister sech zu dësem Schratt entscheet?
- Wat kann am Kontext vum Bauwiesen iwwer déi Etudë gesot ginn, déi de Minister 2022 erwähnt hutt :

- National Skills Strategy vum Skillsdësch

- Rapport vun der OECD

- Etude, wéi déi initial Beruffsausbildung ka méi attraktiv gemaach ginn

- Etude zur Erweiderung vum Schoulraum am LJBM

- Wéi eng Conclusioune konnt den Educatiounsministère aus de besoten Etude schléissen ?
- Wat sinn d'Grënn fir déi besteeënd Bautechnikerausbildung am Zentrum vum Land ofzeschaafen, wa gläichzäiteg geplangt ass genee dës Formatioun 2028 op engem Schoulcampus ganz am Norde vum Land unzebidden?
- Kann et sinn, dass an Zukunft eng Schülerin oder e Schüler vun z.B. Esch-Uelzecht muss op Clierf an de Lycée goen, fir d'Bautechnikerausbildung DTGC ze maachen? Wa net, wat gesäit de Minister als Alternative vir?
- Wéi eng Ausbildunge ginn de Schülerinnen a Schüler, déi sech zu Lëtzebuerg fir den Héichbau interesséieren, ab der Rentrée 2024 an doriwwer raus ugebueden, wann si net déi noutwenneg Hürde gemeeschtert hu fir kënnen an den Enseignement secondaire classique oder général ze goen?
- Den Ausbildungsniveau Technicien ass a ville Beruffsfelder verankert, gëtt dës Ausbildung och an anere Beräicher ofgeschaaft? Wa jo resp. nee, wat ass de Grond dofir?
- Säit der Reform vun der Formation professionnelle 2008 ginn et Passerellen tëschent den Ausbildungsniveau'en DAP, DT, EG a BTS ënner aneren och am Baufach. Wéi eng Chancen hu Schülerinnen a Schüler zukünfteg fir sech weiderzebilden (Passerelle no uewen) resp. fir een anere Bildungswee ze wielen, falls si hiren initiale Choix net packen (Passerelle no ënnen)?
- Ass et richteg, dass den Educatiounsministerer virgesinn huet réischt am Schouljoer 2027 eng nei Bautechnikerklass opzemaachen, awer just am secondaire général?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 783 vum honorabelen Deputéierte Paul Galles**

D'Formatioun vum Techniker am Génie civil wäert och weiderhin am Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) ugebuede ginn. Nieft der Tatsaach, datt et ondenkbar ass, esou spéit am Schouljoer eng Formatioun fir dat kommend Schouljoer zouzemaachen, ass et och net ee Lycée, deen aleng iwwert d'Weiderbestoe vun enger Formatioun decidéiert. Esou Decisioune gi vum Educatiounsministère am Partenariat an an Ofstëmmung tëscht dem Service vun der Beruffsausbildung an de Beruffskummere geholl.

An der *National Skills Strategy*, déi zesumme mat der OECD ausgeschafft gouf, geet net explizit riets vum Bauwiesen. Eng vun de Recommandatioune gesäit awer vir, eng besser Adequatioun tëscht de Besoinen u Kompetenze vun der Economie an de Formatiounen hierzestellen. D'Ëmsetzung vun der OECD-Etude ass virgesi fir dës Legislaturperiod a gëtt vum Service de la formation professionnelle (SFP), zesumme mam Héichschoulministère, dem Aarbechtsministère an der ADEM koordinéiert. Éischt Schrëtt sinn awer schonn ënnerholl, sou bitt z. B de CNFPC zu Ettelbréck ab dem Hierscht Formatiounen (*Skillsbridges*) un, fir Salariéen aus dem Bauwiesen déi néideg Kompetenzen am Beräich *Construction bas carbone et utilisation de matériaux de construction biosourcés* ze vermëttelen.

Konkret am Beräich vun de Formatiounen, iwwer déi rieds geet, sief nach gesot, datt den SFP zesumme mat der Équipe curriculaire (EC) an a Kooperatioun mat der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce an der Chambre des salariés un enger potentieller Refonte vun de Bau-Beruffer schafft, an zwar dem *DAP Dessinateur en bâtiment* (DAP DB) an dem *DT Technicien en génie civil* (DT GC).

Fir eng Analys vum SCRIPT iwwer béid Formatiounen ze komplettéieren, féiert den SFP mat der Chambre des Métiers eng Enquête aus, fir mat den Entreprisen eng komplett Vue iwwert de Besoin vun deenen zwee Beruffer ze kréien. Dëst ass ee Prozess, deen zanter Ufank vum Schouljoer en cours ass an an deenen nächste Méint weidergefouert gëtt. D'Elementer vun enger Gesamtanalys fléissen dann dono an d'Definitioun vun engem aktualiséierte Beruffsbild fir den DT GC an.

Et ass net virgesinn, Techniker-Ausbildungen ofzeschafen. Dem Educatiounsministère läit keng esou Demande vir. Och besteet momentan keng Demande vu Säite vun de Beruffskummeren, eng weider Technikerausbildung auszeschaffen.

Passerellen existéieren an der Beruffsausbildung tëscht dem CCP an dem DAP, respektiv tëscht dem DAP an DT. Eng Persoun, déi hiren Technikerdiplom huet, ka vun engem Lycéeesdirekter ënner „admission conditionnelle" an eng Formatioun vum Enseignement secondaire général opgeholl ginn. D'Schüler an d'Apprentië vun der Beruffsausbildung kënnen no hirem Technikerdiplom eng fachspezifesch Héichschoulformatioun maachen, wa si hir Modules préparatoires erfollegräich ofgeschloss hunn.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH